N°1681
Entrée le 18.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.12.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wunnengsbau & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Ee Wort-Artikel vum 6ten Dezember 2024 beriicht, dass eng Famill wéinst hierem Hausdéier aus enger Sozialwunneng vun der Gemeng soll geheit ginn. Grond dofir ass den internen Reglement vun der Gemeng, wou vun de politesche Verantwortleche gewollt ass, dass keng Hausdéieren gewollt sinn.

A fréiere parlamentaresche Froen (n°3813, 3927, 611) hat ech schonns op déi schwéier Situatioun vun Déierenbesëtzer um Wunnmarché opmierksam gemaach, wou et oft virkënnt, dass Locatairen verbuede kréien, fir een Hausdéier an hirer Wunneng ze halen, well de Proprietär dat net wëll.

D'Regierung weist awer keen Interessi drun, fir d'Rechter vun den Déierebesëtzer ze stäerken an déi zoustänneg Ministeren stinn dozou och kloer an hirer Äntwert op meng lescht parlamentaresch Fro: "*Am Moment huet d'Regierung net vir, eppes un de besteeënde Gesetzer an deem Beräich ze änneren. E Proprietär vun enger Wunneng huet d'Recht, d'Hale vun Hausdéieren ze verbidden, wann hien seng Wunneng verlount.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Bei wéi engen staatlech finanzéierten oder subventionnéierte Servicer, déi Wunnengen verlounen, sierf et de Fonds du Logement, Asylheemer oder aner Systemer, wéi iwwert d'Gestion locative sociale (GLS) verlounte Wunnengen, ginn et Hausdéiereverbueter?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten